Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

28.12.2017 “Luxembourgish, traditionally just spoken at home” ????

28 **Dec** *2017*

(comments: 0)

Sou schreift eng Journalistin an der englescher Zeitung "The Guardian" an hierem Artikel iwwert d'lëtzebuerger Sprooch.

Do gëtt behaapt: "D'Lëtzebuergescht gëtt traditionell just doheem geschwat."

Et ass jo schéin, wann eng englesch Zeitung iwwert eis Sprooch schreift,
awer dee Saz hätte se sech kéinte spueren.
Mir erënneren drun, dass d'UNESCO d'Sprooch als "vulnerable" astuuft.

Weider Feeler am Artikel:

- D'Lëtzebuerger Sprooch erlieft anscheinend eng Renaissance

- Entgéint deem wat behaapt gëtt, ginn et keng offiziell Sproochen zu Lëtzebuerg

- Anscheinend wäerten d'Kanner vun elo un Theater op Lëtzebuergesch spillen dierfen.

- 2015-2016 solle just 134 Bicher zu Lëtzebuerg erauskomm sinn an dovun 7% op Lëtzebuergesch (dat wieren dann 9,38 Bicher)

https://www.theguardian.com/world/2017/dec/28/luxembourgish-grand-duchys-native-language-enjoys-renaissance

Read more … 28.12.2017 “Luxembourgish, traditionally just spoken at home” ????

27.12.2017 Mol keng 3 Joer nom 80%: De Minister Braz (Déi Gréng) wëll d'Auslännerwahlrecht.

27 **Dec** *2017*

(comments: 0)

Kënnt d'Auslännerwahlrecht mat enger neier Regierung mat de Gréngen?

Zu Lëtzebuerg ginn d'Resultater vun engem Referendum ëmmer respektéiert an net méi diskutéiert.
Här Braz, respektéiert och Dir w.e.g. d'Resultat vum Referendum 2015!

Zu Lëtzebuerg goufen et bis elo 4 Referendumen an eng Personenstandsaufnahme:

- 1919 waren 80% fir d'Monarchie
- 1937 waren 50,67% géint d'„Gesetz zum Schutz der politischen und sozialen Ordnung“
- 1941 hunn iwwer 90% mat "Lëtzebuergesch" geäntwert op d'Froen no Nationalitéit, Mammesprooch a Volkszugehörigkeit
- 2005 waren 56,52% fir d'Verfassung vun der EU

- 2015....

"Hie bleift bei senger Positioun, datt een (...) e Wahlrecht fir Residente (sic) brauch" https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/drai-mol-mei-leit-hunn-dei-letzebuerger-nationaliteit-ugefrot

Read more … 27.12.2017 Mol keng 3 Joer nom 80%: De Minister Braz (Déi Gréng) wëll d'Auslännerwahlrecht.

22.12.2017 Fir de Franz Fayot ass een auslännerfeindlech wann een sech fir d'Sprooch asetzt.

22 **Dec** *2017*

(comments: 0)

Den LSAP Politiker Franz Fayot huet op de Pressecommuniqué vum Wee2050 geäntwert an de Fred Keup accuséiert en auslännerfeindlechen Opportunist ze sinn. Seng Fra aus enger sardescher Aarbechterfamill huet elo geäntwert.

P.S. De Pressecommuniqué ass mol net vum Fred Keup geschriwwe ginn an et war och net seng Iddi. Mir sinn e ganze Grupp vu Leit.

P.S.S. Firwat ignoréiert de Franz Fayot a säi Papp déi wëssenschaftlech Etüd vun den UNESCO Experten?

Hei den Text vum Rita Figus, épouse Keup:

"Här Fayot, ech kann et einfach net méi dulden ze héieren dass mäin Mann auslännerfeindlech soll sinn. Ech sinn dem Fred Keup seng Fra an ech sinn Italienerin. Ech fannen dat äusserst inkoherent an onpassend engem Mënsch virun d'Nues ze geheien e wier auslännerfeindlech wann e mat enger Auslännerin bestued ass a Kanner huet. Och wann ech zanter 3 Joer déi lëtzebuergesch Nationalitéit och hunn ass et nunn mol de Fakt dass meng ganz Famill aus Sardinien staamt an mäin Mann geheienmer respektvoll a liebevoll war zu menger ganzer Famill an och zu aner Auslänner déi mir gemeinsam kennen, obwuel se Auslänner sinn. Léif Gréiss. Rita Figus, épouse Keup."

Hei den Text vum Franz Fayot:

"Heiansdo leeft d'Faass iwwefir

Här Keup,

ech hat mer schonn dës längere virgeholl iech ze schreiwen, mais hat awer dunn ëmmer eppes Besseres ze dinn.

Mä villäicht ass et well ech elo e bësse besser Zäit hunn, virun de Chrëschtdeeg, oder villäicht och well et

mer einfach duer geet: huelt mech w.é.g vum Verdeeler vun äre sënnlose Communiquéen erof. Ee fir alle Mol.

De Ben Fayot huet natierlech Recht, an dier hutt Onrecht: der Lëtzebuerger Sprooch ass et nach ni esou gutt gaange wéi haut, si ass nach ni esou breet, op esou eng villfälteg Aart a Weis geschwat a geschriwwe ginn, si war nach ni esou lieweg, wéi elo.

Wat äre Graphique ugeet: et ass Iech villäicht entgaangen dass mëttlerweil ongeféier 50% Net-Lëtzebuerger bei eis am Land liewen. Ech weess, dat gefält Iech net, mais dat ass awer villäicht eng Erklärung firwat manner Leit Lëtzebuergesch schwätze wéi nach 1840 (wat wahrscheinlech déi Zäit ass, an déi der zeréck wëllt). Oder? Vill Auslänner gi sech drun, muencher huele Lëtzebuergesch-Couren - mais et ass ebe keng sou einfach Sprooch, besonnesch wann ee francophone ass.

Här Keup: dier sidd net de Verteideger vun der Lëtzebuerger Sprooch, grad sou wéineg wéi är politesch Matstreider vum ADR. Dier sidd just en Opportunist, dee nach ëmmer op der Well vum Referendum vun 2015 reit, an deen d'Lëtzebuerger Sprooch mëssbraucht fir säin onappetitlecht auslännerfeindlecht Gedankegutt ënner d'Leit ze bréngen."

Read more … 22.12.2017 Fir de Franz Fayot ass een auslännerfeindlech wann een sech fir d'Sprooch asetzt.

13.12.2017 Den Här Fayot ass realitéitsfriem.

13 **Dec** *2017*

(comments: 0)

A senger "Carte Blanche" op RTL Radio vum 11.12.2017 rifft de Ben Fayot quasi zum Verhënnere vu Moossname fir eis Sprooch op, déi vun der Regierung beschloss gi sinn, also
och vu senger eegener Partei, der LSAP.

D'Liewensrealitéit gesäit awer sou aus, dass d'Lëtzebuergescht deene meeschte Leit um Häerz läit. D'Leit mierken, dass iwwert déi lescht Jore Lëtzebuergesch ëmmer méi aus dem Alldag verdrängt gëtt, wéi mir och kloer mat enger Grafik weise kënnen (hei ënnendrënner).

Mir zitéieren och de Sproochenexpert Alain Atten, deen den 23.3.2016 um RTL Radio gemengt huet, datt eis Sprooch ausstierwe wäert, well prozentual gesinn ëmmer manner Leit
Lëtzebuergesch als Mammesprooch hunn: "Et ass ganz einfach eng Mathematik, wann et ëm 70% Friemer geet an ëm 30% Lëtzebuerger (dat ass de Fall an der Gemeng Lëtzebuerg), da kann een net soen dass Lëtzebuergesch sech duerchsetzt. Dat wier nu ganz onwahrscheinlech."

Den Här Fayot schéngt och net informéiert ze sinn iwwert den offizielle Status, deen eis Sprooch bei den onofhängegen Experte vun der UNESCO huet, nämlech "vulnerable". Dat
ass den éischte Schrëtt fir dass eng Sprooch laangfristeg ausstierft, sou wéi et am Areler Land geschitt ass

oder, zum Beispill, aktuell mam Elsässeschen.

Déi Etüd vun der UNESCO ass genau déi sachlech Diskussioun ouni Afloss vu Politik, déi den Här Fayot dach fuerdert!
Mir fannen iwwregens och net, dass déi vun der Regierung beschlosse Moossnamen déi effektiivste sinn, mee et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Zum Schluss vu senger "Carte blanche" wënscht den Här Fayot sech dann awer, dass Lëtzebuergesch sech duerchsetzt.
Wou, wéini a wéi soll dat dann nach geschéien, ouni politesch Ënnerstëtzung?

d'Initiativ Wee2050
Mail: kontakt@wee2050.lu
Wee2050

Pressecommuniqué 12.12.2017

http://download.rtl.lu/2017/12/12/5db6581055c6a00dbbed46af0a9fda63.pdf

Den Artikel op rtl.lu

http://www.rtl.lu/meenung/carte-blanche/1105027.html

Read more … 13.12.2017 Den Här Fayot ass realitéitsfriem.

10.12.2017 Mat lëtzebuergeschen Nimm fir d'Statiounen!

10 **Dec** *2017*

(comments: 0)

Den Tram, d'Garen and'Pafendaller Binnchen sinn do

Mat lëtzebuergeschen Nimm fir d'Statiounen!

De Wee2050 hat dat proposéiert an dofir soe mer:
Villmools Merci!

Domadder réckelt eis Sprooch erëm méi an den Alldag an an den ëffentleche Raum!

10.000en Leit wäerte sou all Dag mam Lëtzebuergesche konfrontéiert ginn.

Dat ass ganz wichteg, fir grad deene Leit ze hëllefen, déi Lëtzebuergesch léiere wëllen. Net nëmmen gëtt domat d'lëtzebuergesch Sproch am Alldag schrëftlech representéiert, mee och d'Leit déi kee lëtzebuergesch kënnen, leieren op mannst wat "rout" a "Bréck" heescht.

Dat soen net nëmme mir, mee dat seet och de Vusal Gafarov, den Auteur vun enger Petitioun déi ganz vill Stëmme kritt hat:
"Es ist schwierig, eine Sprache zu lernen, wenn man so wenig davon in der Praxis sieht."

Hei ass den Artikel, deen nëmmen nach am cache ze fannen ass an aus dem Archiv vum Journal eraus geholl ginn ass:
http://webcache.googleusercontent.com/search?q=cache%3AEJhBydsFlm8J%3Awww.journal.lu%2Farticle%2Fluxemburgisch-sollte-im-alltag-praesenter-sein%2F%20&cd=1&hl=en&ct=clnk&gl=lu

Am Oktober 2016 hate mer nach lëtzebuergesch Nimm an engem Post gefuerdert:
https://www.facebook.com/nee2015.lu/photos/a.894583283935502.1073741830.889354561125041/1286715814722245/?type=3&theater

An och bei eisen 10 Aktiounspunkten vum Januar 2017:
http://wee2050.lu/index.php/press.html?file=files/Site/2017/Pressecommunique-Wee2050-nee2015-11.1.2017%20Aktiounspunkten.pdf

Read more … 10.12.2017 Mat lëtzebuergeschen Nimm fir d'Statiounen!